deForum

# AKTIVITÉITSPROGRAMM

Mee – August 2024



club aktiv

GEMENG LEIDELENG

obeler fenneng:beetebuerg: hunchereng näerzeng
eis gemeng

elisabeth senior

club aktiv deForum



41, route de Luxembourg
L- 3253 Bettembourg

+352 51 16 06-8001
deforum@elisabeth.lu


fb.com/deforum.club
**www.deforum.lu**

**De Büro ass op / horaire d'ouverture du bureau :**

Méindes-Freides / lundi-vendredi
**09h00 - 13h00**

**Äert Team / votre équipe :**

Mir schwätzen
wir reden
nous parlons
we speak
nós falamos



**« Jim » Evangelista**
Chargé de direction



**Natasha Marson**
Éducatrice

Ënnerstëtzt vum Ministère fir Famill, Solidaritéiten, Zesummeliewen an den Accueil. Konventionéiert mat de Gemenge Beetebuerg a Leideleng.

Soutenu par le Ministère de la Famille, des Solidarités, du Vivre ensemble et de l'Accueil. Conventionné avec les communes de Bettembourg et Leudelange.

LE GOUVERNEMENT DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Famille, des Solidarités, du Vivre ensemble et de l'Accueil

# Inhalt / *Sommaire*

p.4 Virwuert / *Préface*
p.6 Informatiounen / *Informations*
p.10 Adressen a Kontakter / *Adresses et contacts*
p.11 Berodung & Informatioun / *Accueil & Information*
p.12 Footreflexologie
p.13 Handreflexologie
p.14 Digital Welt / *Monde numérique*
p.15 Perkussiouns- a Musekscours / *Cours de percussions et de musique*
p.16 Gesellegen Trëppeltour / *Randonnée conviviale*
p.17 Qi Gong
p.18 Gesellschaftsspiller / *Jeux de société*
p.19 Projet Coaching
p.20 Atelier Aletheia
p.22 Zesumme Mëttegiessen / *Déjeuner convivial*
p.23 Keelenowend / *Soirée jeu de quilles*
p.24 Café MultiKulti
p.25 Parc Merveilleux
p.26 Vëlostouren
p.27 Boule
p.28 Demenz & Vergiesslechkeet / *Démence & oubli*
p.29 Rummykub Tournoi
p.30 Le plus beau circuit du monde
p.31 Minigolf
p.32 Blummenatelier / *Atelier floral*
p.33 Maastricht
p.34 Visite Co-Labor
p.35 Mëllerdall Wanderung / *Randonnée Mullerthal*
p.36 Weltkulturerbe Völklinger Hütte
p.37 Zirkus Optrëtt
p.38 Schueberfouer Iessen / *Repas à la Schueberfouer*
p.39 Eisekuchen Nomëtten / *Après-midi des gaufres*
p.40 Villa Borg
p.42 Aschreiwung / *Inscription*
p.43 Meng Foto / *Ma photo*
p.44 Règlement d'ordre interne (ROI)

## Legende/ *Légende*

Datum / *date*
Auerzäit / *horaire*
Uert / *lieu*
Präis / *Prix*
Informatioun / *information*
Sprooch / *langue*
NEW
Umeldeschluss / *délai d'inscription*
Verantwortlechen vun der Aktivitéit / *responsable de l'activité*
intergenerationell Aktivitéit / *activité intergénérationnelle*

## Wëllkomm an eiser ganz neier Broschür!



Zënter Mäerz ass déi nei national Identitéit vun de Clibb Aktiv Plus an hir nei Websäit: ***www.clubaktivplus.lu*** a Kraaft. Dës nei national Identitéit stellt de Kader fir de Fonctionnement a soll eng méi enk Zesummenaarbecht tëscht de Clibb Aktiv Plus a verschiddenen Acteuren aus dem Secteur fërderen. Op der Internetsäit fannt Dir all Informatiounen a kritt en éischten Abléck iwwer all Club am Land: aktuelle Programm, Modalitéite vun der Aschreiwung, asw.

Mir si frou Iech eisen Aktivitéitsprogramm fir d 'Méint vu Mee bis August ze presentéieren. Mir hunn erëm versicht eng faarweg Mëschung fir Iech zesummenzestellen: Kultur, Léieren, Gesellegkeet, Sport oder einfach e schéine Moment an eisem Club verbréngen. Eis Offer soll all Är Erwaardungen erfëllen a bei all der Villfalt, wäert och sécherlech fir jiddereen eppes dobäi sinn.

Liest och gären ëmmer eis Informatiounen an der Broschür duerch. Hei gitt Dir Neiegkeeten, Aktualitéiten, wéi och weider interessant Theme gewuer.

Prett fir z'entdecken, ze léieren a mat eisem Team flott Momenter z'erliewen?

Da kommt, mellt Iech un, jiddereen ass häerzlech wëllkomm u Bord!

## Bienvenue dans notre toute nouvelle brochure !

*Depuis mars, la nouvelle identité nationale des clubs Activ Plus ainsi que leur nouveau site web :* ***www.clubaktivplus.lu*** *sont en vigueur. Cette nouvelle identité nationale pose le cadre de fonctionnement et vise à promouvoir une collaboration plus étroite entre les clubs Activ Plus et différents acteurs du secteur. Sur le site internet, vous trouverez toutes les informations et un premier aperçu de chaque club du pays : programme actuel, modalités d'inscription, etc.*

*Nous sommes ravis de vous présenter notre programme d'activités pour les mois de mai à août. Nous avons à nouveau essayé de concocter un mélange diversifié pour vous : culture, apprentissage, convivialité, activités physiques ou tout simplement passer un bon moment au sein de notre club. Notre offre a été conçue pour répondre à toutes vos attentes et avec toute cette diversité, chacun y trouvera certainement son compte.*

*Veuillez également toujours lire nos informations dans la brochure. Vous y découvrirez les nouveautés, les actualités ainsi que d'autres sujets intéressants.*

*Préparez-vous à explorer, apprendre et vous épanouir dans notre communauté accueillante et stimulante.*

*Alors venez-vous inscrire, tout le monde est le bienvenu à bord !*

***« Jim » Evangelista***

Chargé de direction

deForum

## Informatiounen

### De Club stellt sech vir

Eise Club ass eng Plaz fir eeler Leit, awer déi méi jonk sinn natierlech och Wëllkomm. Mir bidden Iech en Aktivitéitsprogramm dee variéiert, dynamesch an awer ugepasst ass a follgende Beräicher:

- Gesellegkeet mat vill Begéinunge bei kreativ, flott a convivial Aktivitéiten
- Informatiounen an individuell Berodung betreffend eelerer Leit zu Lëtzebuerg, Iwwergaang an d'Pensiounsliewen, souwéi och iwwert Handy an Internet
- Sozial an interkulturell Projete wéi Benevolat a Solidaritéit
- Beweegung, Sport an Entspanung, zum Beispill Trëppeltier, Vëlostier, Qi Gong, Aktivitéite ronderëm Wuelbefannen wéi Foussreflexologie, asw
- Kultur a Musek bei Liesungen, Concerten, Coursen, Gesangs- a Museksgruppen, Evenementer oder och Ausflich a Reesen am In-an Ausland
- Intergenerationell Zesummenaarbechte mat verschidde Servicen am Land, den Austausch mat verschidden Alter a Generatiounen
- Weiderbildung a Life-long-learning bei verschidde Virträg a Coursen

### Signal App

Bei verschidden Aktivitéiten, wäerte mir mat der Applikatioun (App) „Signal" schaffen. (Hei fannt Dir de QR-Code, fir d'App erofzelueden). Domat kënne mir Iech iwwert en Oflaf oder e Changement vun enger Aktivitéit informéieren. Falls Dir d'App nach net hutt an a Funktioun vun der Aktivitéit wäerte mir Iech bieden dës erofzelueden.

### Summerpaus




De Club Aktiv+ de*Forum* ass **vum 15. bis den 30. Juni zou.**

All Umeldunge wärend dëser Period kennt Dir eis gäre per E-Mail schécken. Merci a bis ganz geschwënn.

### Facebook

Dir wëllt keng Neiegkeete verpassen? Dir wëllt matkréie wann nach eng Plaz fir eng Aktivitéit fräi gëtt? Dir wëllt iwwert Theme ronderëm den Alter informéiert ginn? Dann **like** a **follow** eis Facebook Säit :

fb.com/deforum.club

### Salon de l'inclusion numérique

Fir d'éischte Kéier fënnt am Kader vum Nationalen Dag fir digital Inklusioun de Salon fir digital Inklusioun 2024 vum Ministère fir Digitaliséierung am Forum Geesseknäppchen an der Stad Lëtzebuerg, **Freides de 17. Mee um 13h30** statt. De Salon ass an 2 Partie gedeelt, engersäits fannt dir Stänn vu verschidden Acteuren, déi am Beräich vun der digitaler Inklusioun aktiv sinn, an den zweeten Deel ass fir Presentatioun vu Websites, App's an aner digital Outilen, déi a Lëtzebuerg vu Wichtegkeet sinn. Gidd bis laanscht, kommt fir e Besuch op eise Stand a stellt är Froe ronderëm Digital Welt.



# Informations

### *Le club se présente*

*Notre club est un lieu pour les personnes âgées, mais les plus jeunes sont bien entendu également les bienvenus. Nous vous proposons un programme d'activités varié, dynamique et pourtant adapté dans les domaines suivants :*

- *Sociabilité avec de nombreuses rencontres, des activités créatives, ludiques et conviviales*
- *Informations et conseils individuels, concernant les personnes âgées, transition vers la vie de retraite, ainsi téléphone portable et l'internet*
- *Projets sociaux et interculturels tels que le volontariat et la solidarité*
- *Mouvement, sport et détente Marche, par exemple marche, vélo, Qi Gong, réflexologie des pieds, etc.*
- *Culture et musique lors de lectures, concerts, cours, groupes de chant et de musique, événements ou encore excursions et voyages en Luxembourg et à l'étranger*
- *Collaborations intergénérationnelles avec les différents services dans le pays, soutien de l'échange entre différents âges et générations*
- *Formation continue et Life-long-learning dans le cadre de diverses conférences et cours*

### *Signal App*

*Pour diverses activités, nous travaillerons avec l'application (app) « Signal ». (Vous trouverez ici le code QR pour télécharger l'application).*

*Nous pouvons ainsi vous informer d'un déroulement, d'une annulation ou d'un changement d'activité. Ainsi, dans le cadre de l'activité, nous vous prions de télécharger et d'utiliser l'application « Signal ». Si vous ne l'utilisez pas déjà, bien sûr...*



### *Pause d'été*




Le Club Aktiv+ de*F*orum est **fermé du 15 au 30 juin inclus.**

Merci de nous envoyer toute inscription par email durant cette période. Merci et à très bientôt

### *Facebook*

Vous ne voulez manquer aucune actualité ? Vous souhaitez être en courant lorsqu'une place se libère pour une activité ? Vous souhaitez être informé sur les sujets autour à l'âge ? Alors **aimez** et **suivez** notre page Facebook :

fb.com/deforum.club

### *Salon de l'inclusion numérique*

Pour la première fois, dans le cadre de la Journée nationale de l'inclusion numérique, le Salon de l'inclusion numérique 2024 du Ministère de la Digitalisation aura lieu au Forum Geesseknäpchen à la ville de Luxembourg le **vendredi 17 mai à 13h30**. Le salon est divisé en 2 parties, d'une part, vous trouverez les stands de différents acteurs actifs dans le domaine de l'inclusion numérique, et la deuxième partie est ouverte pour la présentation de sites web, applications et autres outils numériques importants au Luxembourg. Rendez visite et posez vos questions sur le monde numérique.



## Adressen a Kontakter / *Adresses et contacts*

**Gemeng Beetebuerg / *commune Bettembourg***

| | |
|---|---|
| Club Aktiv+ de*F*orum | 41, route de Luxembourg<br>L-3253 Bettembourg |
| KulTourhaus | 8, rue de l'École<br>L-3341 Huncherange |
| Ciné Le Paris | 12, rue de la Gare<br>L-3236 Bettembourg |
| Konschtpavillon/ Pavillon d'Art | 25A, rue des Cheminots<br>L-3218 Bettembourg |
| Commune de Bettembourg | 13, rue du Château<br>L-3217 Bettembourg |

| | |
|---|---|
| CIGL-Proxi Services | 26 51 05-76 |
| Eisen E-Bus | 51 80 80-2880 |
| Service à l'égalité des chances | 51 80 80-2264 |
| Service informatique | 51 80 80-2278 |
| An der Schwemm Sport&Loisirs | 26 52 95 1 |
| Bettembourg/ Leudelange Best Ages 55+ | |

**Gemeng Leideleng / *commune Leudelange***

| | |
|---|---|
| Centre culturel "An der Eech" | 4, rue Eich<br>L-3352 Leudelange |
| Commune de Leudelange | 5, place des Martyrs<br>L-3361 Leudelange |

| | |
|---|---|
| Bureau de population | 37 92 92-210 |
| Cercle culturel et historique | 37 07 68 |
| ProActif a.s.b.l. | 37 92 92-226 |
| Ruffbus | 8002 20 20 |
| An der Schwemm Sport&Loisirs | 26 52 95 1 |
| Bettembourg/ Leudelange Best Ages 55+ | |



# Berodung & Informatioun

## Accueil & Information



Mir bidde Gespréicher un, wou jidderee ganz individuell an engem gemittleche Kader seng Froe stellen oder säin Uleies matdeele kann. Mir hunn en oppent Ouer fir Iech.

*Nous proposons des rendez-vous, où chacun peut poser ses questions ou partager ses opinions individuellement, dans un cadre relaxant et confortable. Nous sommes à votre écoute.*

op RDV / *sur rdv*

Jim Evangelista

ab / *à partir de* 10h00


Gratis / *gratuit*

de*F*orum

**Umeldung / *Inscription* :**

+352 51 16 06-8001 deforum@elisabeth.lu

# Footreflexologie




Am Laf vum Joer mécht äre Kierper sou munches mat: verschidden Aufgaben a Sportaarten, wéi och aner Hobbye verursaachen ënnerschiddlech Onannehmlechkeeten. Awer Är Féiss mussen nach vill méi droen a mir sinn eis dëst net wierklech bewosst. Eng Foussmassage ass entspanend an deet gutt, woubäi d'Foussreflexologie nach vill méi wäit geet. D'Zil ass et, Kierper a Geescht an en Zoustand vu banneschtem Gläichgewiicht zeréckzebréngen, andeems den natierleche Selbstheelungsprozess stimuléiert gëtt.

*Votre corps supporte beaucoup durant l'année. Les différents emplois, différents types de sport et d'autres hobbies causent différentes douleurs/inconfort. Mais vos pieds supportent encore beaucoup plus et on n'en est pas vraiment conscient. Un massage des pieds est relaxant et fait du bien, la réflexologie plantaire va bien plus loin : son objectif est de permettre le retour du corps et de l'esprit à un état d'équilibre Intérieur, en stimulant le processus naturel d'autoguérison.*

op RDV / *sur rdv*

60 min

de*Forum*

50 € Foussbad, Massage, Lotion
Reflexologie Pass : 60 min Foot + 30 min Hand

Tamara Leuck vun
Tamara-Kierper-Féiss-a-Séil

weider Infos / *plus infos* :
kierperfeissaseil.com

bei guddem Wieder och op eiser Terrass ënnert fräiem Himmel méiglech /
*par beau temps également possible sur notre terrasse à ciel ouvert*

**Umeldung / *Inscription* :**

+352 51 16 06-8001 deforum@elisabeth.lu






# Handreflexologie

NEW




Bei enger Hand-Reflexologie gi spezifesch Punkte stimuléiert, déi sougenannte Reflexzonen. Dobäi handelt et sech ëm Punkten, déi iwwert Nervesystem mat aner Kierperdeeler an Organer verbonne sinn Et ass fir ze entspanen, Péng ze entlaaschten an eist Selbstheelungspotenzial ze ferderen. Handeflexologie riicht sech u Leit vun all Alter. Als reegelméisseg Ënnerstëtzung agesat, wäert et Ären Alldag verbesseren.

*La réflexologie palmaire est un massage des mains ou des points spécifiques sont stimulés, appelés zones réflexes. Ce sont des points qui sont reliés à d'autres parties du corps et organes via le système nerveux. C'est pour se détendre, soulager la douleur et favoriser notre potentiel d'auto-guérison. La réflexologie de la main s'adresse aux personnes de tout âge. Utilisé comme support régulier, il améliorera votre quotidien.*

op RDV / *sur rdv*

30 min

de*Forum*

40 € Massage, Lotion
Reflexologie Pass : 60 min Foot + 30 min Hand

Tamara Leuck vun
Tamara-Kierper-Féiss-a-Séil

weider Infos / *plus infos* :
kierperfeissaseil.com

bei guddem Wieder och op eiser Terrass ënnert fräiem Himmel méiglech /
*par beau temps également possible sur notre terrasse à ciel ouvert*

**Umeldung / *Inscription* :**

+352 51 16 06-8001 deforum@elisabeth.lu

# Digital Welt

## Monde numérique



Dir sicht Ënnerstëtzung, braucht Hëllef oder hutt Froen iwwert déi verschidden Handy-, Applikatiounen- an Internetfunktiounen? An Zesummenaarbecht mam „Service informatique" vun der Beetebuerger Gemeng, bidde mir Iech d'Méiglechkeet entweder bei eis am Club oder beim Service op der Gemeng eng perséinleche Berodung iwwert déi digital Welt ze kréien.

*Recherchez-vous de soutien, avez-vous besoin d'aide ou avez-vous des questions sur les différentes fonctions de votre téléphone portable, d'applications et d'Internet ? En collaboration avec le « service informatique » de la commune de Bettembourg, nous vous offrons la possibilité de recevoir des conseils personnalisés sur votre téléphone portable, soit de notre part au club, soit du service informatique à la commune.*

op RDV / *sur rdv*

ab / *à partir de 10h00*

deForum

10 € d'Stonn / *par heure*

Service informatique :
51 80 80-2278 (gratis / *gratuit*)

Team deForum / Marc Küntzinger

**Umeldung / *Inscription* :**

+352 51 16 06-8001 deforum@elisabeth.lu

obeler fenneng:beetebuerg: huncherreng näerzeng
eis gemeng



# Perkussiouns- a Musekscours

## Cours de percussions et de musique



Wärend dëse musikalesche Moienter zum Klang vun afrikaneschen Trommele mam Masabo an Ebrima, léiert Dir op eng lëschteg an ouni ustrengender Aart a Weis ze sangen an en Instrument ze spillen.

*Lors de ces matinées musicales au son des tambours africains avec Masabo et Ebrima, vous apprendrez à chanter et à jouer d'un instrument de manière ludique et sans effort.*

ëmmer Freides / *tous les vendredis*
(Paus: Schoulvakanz / *pause : vacances scolaires*)

09h30 – 11h00

15 € / Cours

deForum

Masabo Sizimwe, Ebrima Mass

**Umeldung / *Inscription* :**

+352 51 16 06-8001 deforum@elisabeth.lu

# Gesellegen Trëppeltour

## Randonnée conviviale



All Woch gëtt zesummen en neie flotten Tour vu ca. 5-7 km an eiser Regioun duerch d'Natur entdeckt. Tëschenduerch gëtt eng Drénkpaus ageluecht a genuch Zäit fir ënnerwee ze schnësse gehéiert och dozou. Kommt mat, schléisst Iech eisem Grupp un a profitéiert vun dëser reegelméisseger Beweegung.

*Chaque semaine, il y a une nouvelle belle randonnée de 5-7 km dans notre région à travers la nature. En route, une petite pause de boisson est incluse et il y a suffisamment de temps pour bavarder. Venez rejoindre notre groupe et profitez de ce mouvement physique régulier.*

ëmmer Dënschdes / *tous les mardis*

*09h30 - 11h30*

Gratis / *gratuit*

RDV per E-mail / Tel.

Team de*Forum*

**Umeldung / *Inscription* :**

+352 51 16 06-8001 deforum@elisabeth.lu



# Qi Gong



De Qi Gong huet eng Traditioun déi op Dausende vu Joren zréckläit an e wesentleche Bestanddeel vun der traditioneller chineesescher Medezin ass. Et ass eng Kombinatioun vun ënnerlecher Konzentratioun, méi roueger a mei déiwer Ootmung a mat gemittlechen a fléissende Beweegungen. De Qi Gong verbessert mental a kierperlech Funktiounen, et ass eng Form vu Liewensversuergung déi e präventiven a kurativen Effekt kann hunn.

*Le Qi Gong a une tradition qui remonte à des milliers d'années et constitue une composante essentielle de la médecine traditionnelle chinoise. Le Qi Gong est une combinaison de concentration intérieure, plus calme et plus profonde respiration et de mouvements souples et fluides. Le Qi Gong améliore le bon fonctionnement mentale et physique, c'est une forme de soins de vie qui peut avoir un effet préventif et curatif.*

***29.05*** Cours-Intergenerationell mat de Kanner aus dem SEA Sportshal / *Cours-intergénérationnel avec les enfants du SEA centre sportif*

**Mëttwochs / *mercredis*** 08.05. - 12.06.

*10h00 - 11h00*

DE

de*Forum*

*Volker Bänsch Qi-Gong & Tai Chi Meeschter/maître*

120 €

03.05. (min 5 pers.)

**Umeldung / *Inscription* :**

+352 51 16 06-8001 deforum@elisabeth.lu

# Gesellschaftsspiller

## Jeux de société




Ob Klassiker oder nei Spiller, et stinn eng sälleg Spiller zu Verfügung oder gäre kennt Dir och äert Spill matbréngen. Kommt op dës léschteg Nomëtteger a verbréngt e gesellege Moment zesummen.

*Qu'il s'agisse de classiques ou de nouveaux jeux, de nombreux jeux sont à votre disposition ou bien sûr, vous pouvez apporter votre propre jeu. Venez à cet après-midi ludique et passez un bon moment ensemble.*

***Kaartespiller gesicht !***

Dir kennt **Belotte** spillen a wëllt et erëm éfters spillen?

Mir sichen nach e Kaartespiller, dee gäre **Whist** matspillt!

Mellt Iech bei eis a gitt deel vun eisen neie Kaartespiller-Gruppen!

**Mëttwoch /** ***mercredi*** 08.05. / 22.05. / 10.07. / 24.07. / 07.08./ 21.08.

14h00 – 16h00

Gratis / *gratuit*

deForum

Team deForum

**Umeldung /** ***Inscription*** **:**

+352 51 16 06-8001

deforum@elisabeth.lu



# Projet Coaching en Langue luxembourgeoise

## Luxemburgisch-Sprach Coaching-Projekt



Encore trois rencontres dynamiques vous attendent ! Nous continuerons notre projet culturel et linguistique avec trois soirées axées sur les jeux de société. N'hésitez pas à nous rejoindre pour pratiquer le Luxembourgeois ou pour partager vos connaissances.

*Wieder warten drei dynamische Begegnungen auf Sie! Wir werden unser Kultur- und Sprachprojekt mit drei Abenden fortsetzen, an denen Gesellschaftsspiele im Mittelpunkt stehen. Zögern Sie nicht, sich uns anzuschließen, um besser Luxemburgisch zu lernen oder ihre Kenntnisse zu teilen.*

**Mëttwoch /** ***mercredi*** 15.05. / 12.06. / 10.07.

19h00 – 21h00

Gratis / *gratuit*

deForum

Partenariat Gemeng Beetebuerg

**Umeldung /** ***Inscription*** **:**

+352 51 16 06-8001

deforum@elisabeth.lu

obeler fenneng:beetebuerg: huncherengnäerzeng
eis gemeng

# Atelier Aletheia

NEW




*Aletheia signifie en grec ancien la vérité et le logo représente la caverne du philosophe Platon. Mon souhait ou plutôt ma passion est de vous montrer différents aspects de la culture grecque et romaine, mais aussi gauloise grâce à des diapositives qui permettent de bien visualiser et comprendre en toute simplicité. Ces ateliers se déroulent de façon chaleureuse et conviviale. Nous sommes là pour échanger des souvenirs culturels, pour activer notre mémoire et discuter de tout ce que le sujet suggère.*

*tous les 2èmes mardis du mois*

10h00 – 12h00

Salle "Am Keller" (dans l'immeuble de la mairie)
7, rue du Schlammestee
L-5770 Weiler-La-Tour

22 € par atelier /
80 € les 4 ateliers

FR

Partenariat Club Syrdall

Sophie Noël-Roelants

une semaine en avance (max. 6 pers.)

**Umeldung / *Inscription* :**

+352 51 16 06-8001 deforum@elisabeth.lu





*Je m'appelle Sophie Noël-Roelants. Je suis agrégée en langues et littératures anciennes. J'enseigne depuis plus de trente ans en Belgique, en France et au Luxembourg où j'habite depuis six ans. Je suis doctorante à l'Université de Lorraine où j'étudie particulièrement les oiseaux et leurs sons. Je suis passionnée et authentique, c'est-à-dire que j'aime échanger ce que je continue d'apprendre, et ce, en toute simplicité !*

***14.05. La Sicile romaine***

*L'île aux trois mers se situe au carrefour de plusieurs cultures. C'est l'endroit que les Grecs privilégient pour de multiples raisons. Nous longerons, entre autres, la muraille de Naxos ; une promenade parmi les majestueux édifices d'Agrigente la luxueuse ; nous assisterons à un spectacle dans le théâtre de Syracuse et nous redécouvrirons un homme de science extraordinaire : Archimède.*

***11.06. La musique dans l'Antiquité***

*Dialogue musical entre 4 civilisations : orientale, égyptienne, grecque et romaine sur plus de 3000 ans d'histoire. Déchiffrements de partitions d'antan, écoute de sons reconstitués, charmes magiques de personnages mythologiques.*

***09.07. Les Jeux olympiques dans l'Antiquité***

*À quelques jours des Jeux olympiques qui se dérouleront à Paris, qu'en est-il réellement de leurs origines, de leurs contenus et surtout ce qu'ils signifiaient dans la culture hellénique ? Comparaisons entre avant et maintenant en images !*

***13.08. Une histoire d'empoisonnement chez les empereurs romains***

*En Grèce comme à Rome, il existait des empoisonneuses célèbres. La mythologie raconte très bien leurs personnages et leurs recettes très spéciales. À Rome, dans la vie quotidienne, les empereurs avaient leurs propres empoisonneuses qu'ils utilisaient pour éliminer leurs concurrents et prendre le pouvoir… Histoires étranges à voir et à entendre !*

# Zesumme Mëttegiessen

## Déjeuner convivial



Eemol de Mount gëtt de Gomm mat neie Goûte bei engem gemittleche Mëttegiessen an ärem Club verwinnt. Kommt um 10 Auer eng Hand an der Kiche mat upaken a genéisst fir Mëtteg e regionaalt a saisonaalt Iessen. Follgendes steet um Menü:

*Une fois par mois dans votre club, le palais sera gâté de nouvelles saveurs lors d'un déjeuner convivial. Venez à 10h pour la préparation en cuisine et par la suite dégustez des plats régionaux et de saison le midi, voici au menu :*

**16.05.** OnePot Bandnuddelen mat Saumon a Spinat, Rubbarbstaart / *OnePot tagliatelles au saumon et épinards, tarte à la rhubarbe*
**13.06.** Wäinzoossiss, Kniddelen a Geméis, Kalen Hond / *saucisse au vin, quenelle de farine et légumes, gâteau petit beurre*
**11.07.** Gegrilltes mat Zalotebuffet, Tutti Frutti / *grillades avec buffet de salades, cocktails de fruits*
**08.08.** Geméislasagne mat Zalot, Eisekuchen / *Lasagne aux légumes avec salade, gaufres*

**Donneschden / *jeudi***
10h00 / 12h00 – 14h30
deForum
15 €
Team de*F*orum
09.05. / 06.06. / 04.07. / 01.08.

**Umeldung / *Inscription* :**
+352 51 16 06-8001 deforum@elisabeth.lu



# Keelenowend

## Soirée jeu de quilles



Loscht e puer Klatze rullen ze loossen oder allen Néng ze schéissen, da kommt mat op dës lëschteg Nomëtteger ganz am Zeeche vu Gesellegkeet, Spill a Spaass. Uschléissend loosse mir den Owend bei engem gemeinsamen Iessen ausklénge n.

*Envie de lancer des boules de quilles ou de renverser d'un seul coup toutes les neuf quilles, alors venez participer à ces après-midi sous le signe de la convivialité, du jeu et de l'amusement. Nous terminerons la soirée par un dîner en commun.*

**Mëttwoch / *mercredi*** 22.05. / 31.07.
16h00 – 19h30
Café de la Gare
15, Garerbierg L-3334 Hellange
Käschten op der Plaz / *frais sur place*
Team de*F*orum
15.05. / 24.07.
(max 12 pers.)

**Umeldung / *Inscription* :**
+352 51 16 06-8001 deforum@elisabeth.lu

# Café MultiKulti



An dësem frëndlechen a multikulturelle Moieskaffi entdecken a schmaache mir all Kéier e Moiesbuffet aus verschiddene Länner mat Erklärungen, Virbereedungen, Musek a Gespréicher a verschiddene Sproochen aus dem jeeweilege Land.

*Dans ce petit déjeuner convivial et multiculturel, nous allons découvrir et déguster à chaque fois un buffet matinal de différents pays avec des explications, préparations, musiques, appréciations et conversations dans différentes langues du pays en question.*

**23.05.** Italien / *Italie*
**18.07.** Portugal

Donneschden / *jeudi*
*10h00 - 12h00*
deForum
Team de*F*orum
15 €
16.05. / 11.07.

**Umeldung / *Inscription* :**
+352 51 16 06-8001 deforum@elisabeth.lu



# Parc Merveilleux




Loscht op e schéinen Nomëtteg mat Déieren an der Natur, begleet vu spannenden Erklärungen? Mir fänken eisen intergenerationellen Nomëtteg mat enger guidéierter Visite vum Park un. Uschléissend ass nach Zäit fir eis mat enger Glace ze verwinnen.

*Plongez dans une après-midi enchanteresse, entre animaux et nature, agrémentée d'explications captivantes ! Nous débuterons notre après-midi intergénérationnel par une visite guidée du parc, suivie d'une pause gourmande où vous pourrez savourer une délicieuse glace.*

Dënschden / *mardi* 28.05.
*13h30 - 17h30*
Entrée Parc Merveilleux
route de Mondorf L-3260 Bettembourg
Gratis / *gratuit*
LU
Partenariat SAE Sportshal
21.05.

**Umeldung / *Inscription* :**
+352 51 16 06-8001 deforum@elisabeth.lu

# Vëlostouren

## Tours de vélo



Eng nei Saison fänkt fir eis Vëlosbegeeschterten erëm un an zesummen entdecke mir déi schéi Weeër vun eiser Regioun. Tempo an d'Streck gi jeeweils ugepasst, jee nodeem gräife mir och op den ëffentlechen Transport zréck. E Mëttegiessen an engem lokale Restaurant steet natierlech och um Programm. Loscht matzekommen? Kommt mat Ärem elektreschen oder normale Vëlo.

*Une nouvelle saison commence pour nos passioné.e.s de cyclisme et ensemble, nous découvrirons les beaux chemins de notre région. Les tours seront adaptées et en fonction du tour nous favorisons les transports en commun. Un déjeuner dans un restaurant local est bien sûr aussi au programme. Rejoignez-nous en vélo normal ou électrique.*

**31.05.** Tudor Tour / 43km (Start Rosport )
**14.06.** Beetebuerg – Thionville (FR) / 54km
**12.07.** Ëlwen – St. Vith (BE) / 65km
**26.07.** Schmugglertour / 36km (Start Ell bei Redange)
**14.08.** Beetebuerg - Esch - Belval / 38km
**30.08.** Kierchbierg - Iechternach - Waasserbëlleg / 52km

09h30 – 16h30

Partenariat Club Syrdall
Ännerunge vun Auerzäiten a km si méiglech / *horaires et kilomètres peuvent être modifiés*

Käschten op der Plaz / *frais sur place*

Team de*Forum*

**Umeldung / *Inscription* :**
+352 51 16 06-8001 deforum@elisabeth.lu



# Boule

## Pétanque



Op dësen zwee fréndleche Summernomëtteger spille mir déi traditionell Boule, Boccia oder och Petanque Spiller. Uschléissend hu mir, mat e bësse Gléck bei guddem Wieder, nach Zäit fir eis op eiser Terrass z'erfrëschen an eng Glace ze genéissen.

*Lors de ces deux après-midi d'été conviviaux, nous jouerons aux traditionnels jeux de boules, des bocce ou la pétanque. Ensuite, avec un peu de veine et par beau temps, il nous restera encore du temps pour nous rafraîchir et déguster une glace sur notre terrasse.*

**Méinden / *lundi*** 03.06. / 05.08.

14h30 - 16h30

denkt u Sonneschutz a bréngt w.e.g. är Bulle mat / pensez à la protection solaire et s.v.p. apportez vos boules

de*Forum*

Team de*Forum*

5 €

**Umeldung / *Inscription* :**
+352 51 16 06-8001 deforum@elisabeth.lu

# Demenz & Vergiesselechkeet

## Démence & oubli




Wat genee ass Demenz a wéi erkennt een se? Ass Demenz d'selwecht wéi Alzheimer? Wéi ënnerscheet Dir normal Vergiessenheet vun Demenz? Wéi kann ech mäi Risiko reduzéieren Demenz z'entwéckelen? An Zesummenaarbecht mam Info-Zenter Demenz bitt dësen Informatiounsnométteg d'Méiglechkeet méi gewuer ze ginn. Dir sidd häerzlech wëllkomm fir duerno weider Froen ze stellen.

*Qu'est-ce que la démence au juste et comment la reconnaître ? La démence, est-ce la même chose que la maladie d'Alzheimer ? Comment distinguer un oubli normal d'une démence ? Comment puis-je réduire mon risque de développer une démence ? En collaboration avec le Info-Zenter Demenz, cet après-midi d'information offre la possibilité de s'informer. Vous pourrez ensuite poser vos questions.*

Mettwoch / *mercredi* 05.06.

LU

14h30 - 16h00

Partenariat Info-Zenter Demenz

KulTourhaus

29.05.

Gratis, eng Spend ass Wëllkomm / *gratuit, un don sera le bienvenu*

**Umeldung / *Inscription* :**

+352 51 16 06-8001 deforum@elisabeth.lu



# Rummikub Tournoi



All Spillbegeeschterten ass häerzlech wëllkomm op eisem 1. Turnéier deelzehuelen, hoffentlech bei guddem Wieder op eiser Terrass. Et erwaart Iech Spill a Spaass bei Kaffi a Kuch. A sidd gespaant wien mir zum Schluss vun dësem flotten Nométteg als Gewënner kréine kënnen.

*Tous les passionnés de jeux sont les bienvenus pour participer à notre premier tournoi, qui se déroulera, nous l'espérons, par beau temps sur notre terrasse. Des jeux et du plaisir vous attendent autour d'un café et d'un gâteau. Et soyez curieux de savoir qui nous pourrons couronner comme vainqueur à la fin de cet après-midi convivial.*

Mëttwoch / *mercredi* 12.06.

10 €

14h00 – 16h00

Team de*Forum*

de*Forum*

**Umeldung / *Inscription* :**

+352 51 16 06-8001 deforum@elisabeth.lu

# Le plus beau circuit du monde



*Venez avec nous derrière les coulisses du circuit le plus beau du monde, le circuit de Spa-Francorchamps. Nous y sommes attendus pour une visite guidée à travers les lieux clefs du Circuit : les paddocks Formule 1 et paddocks 24 heures, la salle de presse et des lieux normalement inaccessibles au public. Ensuite, nous mangerons dans le Restaurant Pit Bar, le lieu de rencontre par excellence, les pilotes de légende, les célébrités, les visiteurs, spectateurs et touristes d'un jour s'y rencontrent.*

*Après, nous prenons le bus direction Bitburg. La ville nous offre une zone piétonne avec divers commerces, où l'on peut faire du shopping.*

**Mercredi 03.07.**

07h00 – 19h00

Parking Parc Merveilleux

99 € Transport, visite guidée, buffet à midi, 2 jetons pour boissons

FR

Partenariat Club Haus an de Sauerwisen, Club Haus Beim Kiosk

10.06. *(max. 7 pers.)*

**Umeldung / *Inscription* :**

+352 51 16 06-8001 deforum@elisabeth.lu



# Minigolf




Loscht op eng Partie Mini Golf ? Mir maachen eis zesumme mat de Kanner (7-12 Joer) op Réimech fir eng Partie Minigolf ze spillen. Hei kënne Grouss a Kleng sech ameséieren a wann nach Zäit bléift kenne mer als Ofschloss nach eng Glace op der schéiner Esplanade genéissen.

